adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
12 AVR. 2018
3750

Här Mars di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 11. Abrëll 2018

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Logementsminister weiderzeleeden.

Aus enger Statistik vun Eurostat (EU-SILC) geet ervir, datt den Zoustand vun de Wunnengen zu Lëtzebuerg sech zënter 2015 rapid verschlechtert. D'Kloe vu Leit iwwer Problemer wéi ondicht Diech, Fiichtegkeet oder Schimmel hu rapid zougeholl a leien däitlech iwwert dem EU-Duerchschnëtt (2015: 15,3 %; 2016: 18,7; EU-Duerchschnëtt 2016: 15,4 %). Nobäi all fënnefte Bierger klot iwwer esou Problemer a senger Wunneng. An dem Kader hätt ech dës Froen un den Här Logementsminister:

1. Kennt den Här Minister dës Statistik vun Eurostat, déi den 3. Abrëll an der "Luxembourg Times" verëffentlecht gouf?
2. Wéini ass mat de Lëtzebuerger Zuele vun dëser Statistik fir d'Joer 2017 ze rechnen?
3. Wat sinn d'Uursaache fir déi Verschlechterung zënter der leschter Datenerhiewung?
4. Wéi gedenkt den Här Minister op déi Verschlechterung vum Zoustand vu Lëtzebuerger Immobilien ze reagéieren?

Mat déiwem Respekt,

Gast Gibéryen
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire 22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745
ADR – Parti politique

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Fernand Etgen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 12 avril 2018

Objet : Question parlementaire n° 3750 du 11.04.2018 de Monsieur le Député Gast Gibéryen - Statistiques d'Eurostat sur l'état des logements au Luxembourg

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Pour le Président de la Chambre des Députés,

Simone Beissel
Vice-Président de la Chambre des Députés